N°442
Entrée le 19.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau, vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit, vum Inneminister a vum Finanzminister op d'parlamentaresch Fro n° 442 vun dem éierbaren Deputéierten Marc Goergen**

**1. Kann d'Regierung d'Zuelen aus der Fro n°7827 fir d'Joer 2023 virleeën?**

Bei der Ëmweltverwaltung ass 2023 eng eenzeg Plainte gemaach gi wéinst Littering.

Am Joer 2023 sinn 158 Ëmweltdelikter an der Police-Datebank rezenséiert ginn.

Bei Kontrolle vun der Douanesverwaltung am Beräich "Déchets" goufe fir d'Joer 2023 39 Infraktioune festgestallt.

**2. Wéi vill Fäll sinn der Ministesch fir Landwirtschaft bekannt vu Wëlldéieren an Notzdéiere vu Baueren, déi sech opgrond vum Dreck an der Natur verletzt hunn an zum Beispill an eng Wëlldéierestatioun oder bei ee Veterinär hu misste gefouert ginn?**

De Ministère vun der Landwirtschaft huet keng Statistike vu Verletzunge op Grond vun Dreck bei Notzdéieren, déi vu Veterinären diagnostizéiert resp. behandelt goufen.

Op Nofro an der Wëlldéierestatioun zu Diddeleng hunn déi Responsabel matgedeelt, dass Verletzunge bei ofgeliwwerten Déieren éischter selte sinn a sech haaptsächlech op Schwane beschränken, deenen hier Plommen duerch verschmotzte Waasser verknascht si resp. déi Verletzungen opweise verursaacht duerch Fëscherkreep. Déi ganz niddreg Zuel ass warscheinlech och doduerch bedéngt, dass eng Partie Wëlldéieren hier Verletzungen an der Natur net iwwerliewen.

Lëtzebuerg, den 19. Abrëll 2024

D'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN